Ried AGO 2024 vum Generalsekretär Christian HOFFMANN

Kolleginnen a Kollegen, léif Inviteeën, léif Alleguer,

E schéine gudden Owend och vu menger Säit aus. Ech haale mech kuerz, mee kommen awer net dolaanscht e puer Saachen unzeschwätzen.

Obwuehl, ech kennt iech de ganzen Owend ënnerhaalen mat deem, waat déi lescht Méint an der Police gelaaf, oder besser gesoot, waat net gudd a richteg gelaaf ass, waat sou um zoustännege Ministär gebuede gouf a last but not least d'IGP net ze vergiessen. A gleeft mer, et géif ent langweileg gin!

Den SNPGL zielt op haut 2285 Memberen, dovunner de gréissten Deel Beamtinnen & Beamten am aktiven Dëngscht, eis Pensionnären, d'Wittfraen & Männer, an net ze vergiessen eis FST.
D'FST schengen d'Wichtegkeet vun enger Personalvertriedung awer nach net sou richteg erkannt ze hun. Daat schengt awer net nëmmen bei der Police sou ze sinn, mee allgemeng en Trend, deen queesch duerch d'Gesellschaft verbreedt ass sou nom Motto: soulang d'Kaar net am Dreck läit an ech keng Hëllef brauch, interesséiert daat mech alles net.
Et kann natiirlech och dorunner leien, dass mir lo e puer Joër den Zougang zu den FST an der Policeschoul ganz schwéier gemaach, quasi refuséiert kruuten an esou eise Message net ukomm ass. Do ass mat der neier Policedirektioun Besserung a Siicht.

Allerdengs gett et e frappant Beispill, Dir Dammen an Hären, wou eng jonk Policeschülerin während engem Exercice duerch en tragescht Akzident an duerch Friemverschelden eng gravéirend Schossverletzung erlidden huet.
KEEN aus der Police huet sech beruff gefillt, der jonker Kolleegin direkt an tatkräfteg ënnert d'Ärm ze gräifen. Mir hun d'Kolleegin vum 1sten Dag nom Akzident un begleedt, waren op Krankebesuch am Spidol, hun eng Demande fir eng Assistance juridique preparéiert a waren bei Entrevuen mat der Direktioun an dem SBET dobäi.
Wéi awer ee vun eisen Manager der jonker Damm ugerooden huet, fräiwëlleg aus der Police auszetrieden, daat ganzt hätt jo sws kee Wert méi, jo Dir Dammen an Hären, dir hudd richteg héieren, där jonker FST ass gesoot gin, sie soll am beschten d'Police fräiwëlleg verloossen, dunn war d'Mooss awer méi wéi voll an et ass mol Tacheles geschwaat gin. Et ass schummenswert an deontologesch méi wéi verwerflech.
Ee Manager, deen, zumindest am deem Dossier, „Mensch" war, huet daat néidegt Fangerspëtze-gefill fondt an den Dossier zur Chefsaach erklärt fir dass des jonk

Kolleegin hire Wee awer nach an der Police maache konnt. Merci Donny, a weiderhin eng schéin a laang Pensioun.

Do gesäit een wéi wichteg eng staark Personalvertriedung ka sinn, well ouni d'Ënnerstëtzung vum SNPGL, ouni eis lo hei selwer op d'Schëlleren ze klappen, wär déi jonk Damm, déi absolut Näischt falsch gemaach huet, virun Dier gesaat gin. Daat ass déi batter Realitéit an der Police, dir Dammen an Hären. D'Beamten sinn just nach Nummeren mat deenen de Management ronderemjongléiert.

Da komme mer lo zu deem, waat ech Iech eigentlech virdroen wollt, den Aktivitéitsrapport.

Eis Agenda war zanter eiser leschter AGO am Abrëll 2023 rëm gutt gefëllt:

- Eis monatlech Comitésversammlungen. Mir kréien duefir eng Dispense de service vu 4 Stonnen/Mount déi bei Wäitem net duer gin fir mol iwerhaapt all ufaalenden Dossier unzeschwätzen.
- Déi eng an aaner Comitésversammlung vum SPFP, den Syndicat Professionnel de la Force Publique, den sech aus dem SPAL, dem Syndicat Professionnel de l'Armée Luxembourgeoise an dem SNPGL, zesummesetzt an esou d'Interessen vun ronn 3200 Memberen aus der Force Publique vertrett
- Versammlungen mat eisen Delegéierten
- Den EU.Pol-Kongress zu Vilnius a Littauen
  Hei well ech dovunner profitéieren fir kuerz ze ernimmen, dass mir déi grouss Éier hun, den nächsten Eu.Pol-Kongress vum 6. bis den 8. Mee 2025 hei am schéinsten Grand-Duché dierfen ze organiséieren.
  D'EU.Pol, eng europäesch Policegewerkschaft, setzt sech momentan aus 11 verschiddenen europäeschen Policegewerkschaften zesummen an handelt op EU-Niveau, d.h. sie sinn direkt beim europäeschen Parlament zu Bréissel ugesiedelt wou d'Weeer natiirlech vill méi kuerz sinn.
- leider kommen mir och net méi laanscht deen een oder aaneren Rdv bei eisem Affekot
- Verschidde Comité exécutif a fédéral bei der CGFP
- Verschidde Generalversammlungen vun aaneren Associatiounen
- Entrevuen mat politeschen Fraktiounen, woubäi mir déi eng oder aaner awer léiwer ausfaale gelooss hun.
- Entrevuen mat eise Memberen fir iwwert hir Probleemer ze schwätzen a gemeinsam Léisungen ze fannen

- Als Observateur vun der Chambre des Fonctionnaires ware mir an all Examen dobäi, daat vun der 1. Reunioun vun der Examenskommissioun bis déi lescht Delibératioun
- Interviewe am Radio souwéi mat der geschriwwener Press
- Den 28. September ware mir um Mëchelsdag, dem Patréiner vun der Police, vertrueden
- de 4. Dezember op der Conférence des Comités vun der CGFP, eisem Dachverband
- Am Mee 2024 war d'Passation des pouvoirs an der Police, där mir mat vill Spannung entgéint gefëiwert hunn a sinn iwerzeegt, dass de Pascal PETERS „the right man on the right place" ass. Dem Pascal PETERS a senger Equipe wënschen mir eng glëcklech Hand an der Gestioun vun der Police, an léif Manager, bleift „Mensch", mir bauen a produzéieren Näischt, si keng Etude an och keng Bank déi Fric maache muss. Et geet net em irgendeen Larry Farry, mee em d'Sëcherheet an d'öffentlech Uerdnung zu Lëtzebuerg, an do ass keng Plaatz fir Muechtspillecher.
- Divers Entrevuen mam CODIR an dem SBET, dem Service Bien-être au travail vun der Police.
  Heizou ass ze soen, dass zanter dem Wiessel un der Spëtzt vun der Police, all Mount op Initiative vum Generaldirekter, eng Entrevue tëscht dem CODIR an de Personal-vertriedungen stattfëndt, waat mir begréissen. Leider war daat virdrun éischter d'Ausnahm.

  Den SBET, de Service Bien-être au travail vun der Police, deen gett dach tatsächlech nonchalant an sou enger Entrevue zou, dass eng Work-Life-Balance an der Police inexistent an net méiglech ass.

  De Kolleg Patrick REMAKEL vun der Enseignantsgewerkschaft SNE huet lo viru kurzem op der Antenne gesoot, dass ronn 30 Prozent vun den Enseignanten kuerz virun engem Burnout stéingen an dat wier direkt liéiert un de Problem vu Kanner mat spezifesche Besoinen.
  Patrick, ouni dir lo ze no trieden ze wëllen, ech färten bei der Police ass et net besser, och wann d'Probleemer aanerer Natur sinn.

Dir Dammen an Hären, ech kennt des Lëscht mat iwert 130 verschiddenen Aktivitéiten, Réuniounen an Entrevuen fir daat lescht anerhalleft Joer weiderféieren, mee waat brengt daat eis a wéi soen se ëmmer: Eegeluef stenkt.

Een décke Merci nach u jidder Eenzelnen, deen eisen Fonds de secours ënnerstëtzt, sou wéi un d'Policesportsveräiner an eis Pensionnären déi reegelméisseg un de Fonds de secours denken an deen hëllefen ze speisen.

E grousse Merci awer och un all eenzelen Member vum SNPGL, un all eis Delegéiert an un eis trei Pensionnären a Supporter, a wéi enger Form och ëmmer, an last but not least un d'Comitésmemberen an eise Staff, déi dagan, dagaus, gudd a vill Aarbecht fir des nobel Tâche leeschten ouni déi mir all an der Police méi wéi secher nach méi Plomme loossen géifen.

Och e grousse Merci un d'CGFP, eisen Dachverband, déi eis bei Allem tatkräfteg ënnerstëtzen an mat Congé syndical déi néideg Fräistellungen erméiglechen fir iwerhaapt als Gewerkschaftler a Personalvertrieder kennen ze agéieren.

Dir Dammen an Hären Politiker (ech gesinn e puer nei Gesiichter an der éischter Reih - Merci fir d'Kommen), an zumools Dir Herrschaften aus dem Management, Dir kridt déi Police, déi Dir iech selwer schaaft, verhaalt iech daat!

Et stinn nach vill Chantieren op an et ass bal wéi dobaussen op der Strooss: ass ee Chantier bis färdeg, kommen 2 neier dobäi. Duefir, mir bleiwen um Ball an

Kolleeginnen a Kolleegen, nëmmen zësummen si mir staark!

Dat war et fir mäin Deel,
ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.